



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7772 vum 15. Mäerz 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert Campagne "Zesumme spueren, zesummen halen"**

- 1. Wéi vill vun den Energiespuer-Sette si bestallt ginn?**
- 2. Wat war de Käschtepunkt heivunner?  
Huet Enovos hei een Deel vun de Käschten iwwerholl?**
- 3. Wéi vill Sette konnte verdeelt ginn?**
- 4. Wat geschitt mat deene Setten, déi iwwereg bliwwe sinn?**
- 5. Gouf et eng éffentlech Ausschreiwung fir d'Energiespuer-Setten?  
Wa jo, wéi vill Entreprises hu sech gemellt?  
Wa nee, firwat net?**
- 6. Vue, dass net all Haushalt wäert kënnen mat all Deel vum Set eppes kënnen ufänken, firwat gouf net virgesinn, dass d'Leit déi Saachen, déi se net brauchen, an der Gemeng loossen?  
Gesäit de Minister an, dass esou hätte kënnen Ressourcen agespuert ginn an d'Leit sensibiliséiert gi wieren, par Rapport zu dësem Resourceverbrauch?**

Enovos huet wéi all Gas- a Stroumfournisseur nom ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Stroummaart eng Verpflichtung fir am Kader vum "Mécanisme d'obligation en matière d'efficacité énergétique" en effizienten Ëmgang vun der Energie ze ënnerstëtzen a ganz konkret Energieaspuerungen ze realiséieren.

Am Kontext vum Energiespuere gëtt et bei Enovos ënnert dem Programm "enoprime" eng ganz Rei vu konkreten Aktiounen a Mesuren am Beräich Energiespueren, déi sech un d'Industrie, d'PME'en an d'Privatleit adresséieren: zum Beispill ginn Ingenieuren a Betriber a schaffen individuell Energiespuerprogrammer fir déi Betriber aus.

Enovos huet am Kader vun der Energiekris och eng Energiespuer Campagne lancéiert, "Lets save energy now" (<https://www.lets-save-energy.lu/fr/>), fir seng Clientë fir d'Energiespueren ze sensibiliséieren an heibäi ze ënnerstëtzen.

Wat Privatstéit betrëfft sou verdeelt Enovos aktuell iwwer 50.000 Energiespuer Setten. Des Initiativ gëtt integral vun Enovos gedroen a finanzéiert. Fir ze vermeiden datt onnéideg vill Energiespuer Sette kaf ginn huet Enovos den Akaf un den Erfolleg vun der Aktioun gekoppelt. Esou goufen d'Energiespuer Sette final a 4 Lousen akaaft, woubäi dat lescht Lous opgrond vun enger europäescher Ausschreiwung war. Et maachen 73 Gemenge bei dëser Aktioun mat an et deit sech un, dass alleguer d'Sette wäerte verdeelt kënnen ginn.

Bei der richteger Benotzung vu sou engem Energiespuer Set kann ee 4 Persoune Stot an engem Joer säin Energieverbrauch ëm bis zu 3.700 kWh reduzéieren an 59.000 l Waasser spueren. Nieft dem Energiespuere kann duerch des Aktioun also och ee wichtege Beitrag fir Waasser ze spueren geleescht ginn.

Weider Detailer kann een ënnert folgendem Link fannen: <https://www.enoblog.lu/fr/enostories/kits-deconomie-denergie-gratuits-denoprimes/> .

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023  
(s.) Claude Turmes  
Minister fir Energie